





**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n°4402 du 3 juin 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant le Cannabis médical**

Ginn d'Dokteren an d'Apdikten am Viraus informéiert, wann sech eng Penurie u Cannabis undéit? Ginn d'Patienten am Viraus iwwert eng méiglech Penurie informéiert? Falls net, ass geplangt dës Acteuren an Zukunft méi fréi iwwert Ruptures de stock z'informéieren?

Dokteren an Apdikter ginn am Viraus iwwert eng méiglech Pénurie informéiert. Patienten ginn net direkt informéiert well et un den Prescripteuren ass dëst ze maachen an eng Evaluatioun opzestellen fir ze kucken op aner therapeutesch Alternativen a Fro kommen.

Sinn d'Apdikten an d'Doktere schonn iwwert d'Resultater an d'Konklusioone vun der Pilot-Phase informéiert ginn?

D' Analyse vun der Pilot-Phase ass en Cours. Soubaal d' Konklusioonen disponibel sinn wäerten déi en temps utile och kommunizéiert ginn.

Laut DPM (Division de la Pharmacie et des Médicaments) ginn d'Cannabis Produiten op hir Qualitéit a Sécherheet vun de Santésautoritéite kontrolléiert. Wien féiert dës Kontrollen duerch? No wéi enge Krittäre ginn dës Produite kontrolléiert? Mat wat fir enger Frequenz ginn dës Kontrolle gemaach a wéi vill Kontrollen si bis elo duerchgefouert ginn? Wat waren d'Resultater vun dëse Kontrollen? Ginn d'Dokteren an d'Apdikten iwwert d'Resultater vun dëse Kontrollen informéiert?

D' Produiten ginn vun den Hiersteller kontrolléiert. Dobäi ginn just d'Lot'en erausgeschéckt déi och conforme sinn mat den europäeschen Standarten. All Lot kritt deementspreechend een Certificat de conformité. Déi wou d' Bedingungen net erfëllen, ginn net erausbruecht an ginn dann och net un Lëtzebuerg verschéckt.

Weider aléatoire Kontrolle ginn vum LNS duerchgefouert, dës sinn awer net obligatoresch an d' Resultater ginn och net public gemeet. Wann do ee Problem wier bei der Qualitéit vun de Produiten, gëtt den Terrain direkt informéiert. Dës wor bis haut nach net de Fall.